Concert-Conférence

Samschdes, den 10. Oktober ëm 17 Auer am Salon Bleu vum Cercle Cité

**»Hat krit éng gutt Plâtz, wann et Piano kann«. Musekerinnen zu Lëtzebuerg am 19. Joerhonnert**



1845 huet d'Stater Gemeng decidéiert zu Lëtzebuerg eng Museksschoul opzemaachen. Déi nei Schoul sollt net nëmme sozial gerecht sinn, mee si huet et och Meedercher a jonke Fraen erlaabt ze studéieren an z'ënnerriichten.

Am 19. Joerhonnert war et a biergerleche Kreesser nach ëmmer eng wäit verbreete Meenung, datt et sech fir eng Fra net passt op enger ëffentlecher Bün ze stoen. Duerch déi nei Museksschoul huet sech dat geännert: An deene villen, vun der Schoul organiséierte Concerten si Fraen ëffentlech opgetratt. Dat huet och d'Press beandrockt. Munnech Musikerinnen hunn sech duerno och international een Numm gemaach. Och eng Rei renomméiert auslännesch Solistinnen, wéi d'Clara Schumann, hu bei hiren Tournéeën eng Statioun zu Lëtzebuerg gemaach!

Bild: L'innocente élève de Conservatoire vum Charles Philipon, 1828-29. Lithographie, Dréckerin: Joséphine-Clémence Formentin. Domaine Public, Musée Carnavalet, Paris.

**Konferenz: Danielle Roster**, Université du Luxembourg, Institut d'Histoire

**Piano: Béatrice Rauchs**, Conservatoire de la Ville de Luxembourg

Um Programm steet **Pianosmusek vum Joséphine Schmoll iwwert den Dicks bis zum Clara Schumann.**

Organiséiert vun: *Musek an Gender zu Lëtzebuerg* (https://mugi.lu) am Kader vum Projet *Klangbilder der Stadt Luxemburg.* An Zesummenaarbecht mat de kulturelle Servicë vun der Stad Lëtzebuerg.

Den 10. Oktober ginn och zwee nei Portaler online op mugi.lu: eent iwwert d'Fraerollen an der Operett *Mumm Séis*, an eent iwwert d'Musikerinnen an der Stater Musekschoul (1845-1882).